



Een Element, firwat dass mer an deenen Enquêtes net ëmmer do stinn, wou mer mengen, dass mer kéinte stoen, nämlech bei de skandinavische Länner, huet domat ze dinn, dass mir effektiv keng richtig Gesetzgebung hunn. Mir hu Korruptiounsartikelen, mä zum Beispill dat heiten hate mer nach net, den „whistleblower“. Et ass een Element, woufir mer méi hanne klaséiert sinn, wéi mer eigentlech misste sinn. An dofir ass dat heite Gesetz wichteg.

Dat heite Gesetz ass och wichteg fir de Conseil de l'Europe. Do gëtt et déi sougenannte GRECO-Grupp. Déi GRECO-Grupp kuckt och iwwert d'Korruptioun a virun allem d'Korruptioun vun der Politik. An engem leschte GRECO-Rapport si mer schlecht ewechkomm. Engersäits, well mer dat heite Gesetz nach net haten, wat mer elo kréien, an anerersäits, well d'GRECO-Grupp eist Parteifinanzierungsgesetz attackéiert huet.

Et war jo och eng Initiativ, déi de Parteipresident - net de Parteipresident, ech sinn nach ze vill a menger aler Welt -, déi de Chamberspräsident selwer geholl huet, och mam President vun der Commission des Institutions, fir ze kucken: Wéi kënnen mer dat Gesetz respektiv d'Ausfeierungsbestimmungen respektiv d'Applikation vum Gesetz verstärken? Sou dass ech mengen, dass mer mat deem, wat mer mam Paul-Henri Meyers senger Kommission geschwat hunn iwwert d'Parteifinanzierung, a mat deem heite Gesetz awer souwuel beim GRECO wéi och an deenen Organisatiounen wéi Transparency International besser ewechkommen an deenen nächsten Enquêtes.

Ech mengen, dass et dofir schonn e wichtegt Gesetz ass, wat mer haten. Dat Gesetz huet d'Diskussion net ofgeschloss. Ech hunn zu mengem Erstaunen de leschte Freideg an enger Lëtzebuerger Wochenzeitung en Artikel gelies, dass déi Leit, déi an deem Domän schaffen, géife fannen, dass dat Gesetz groteschlecht wär - esou hunn ech et emol fonnt an deem Artikel. Ech mengen, dass dat Gesetz gutt ass. Mä et sinn eng Partie Froen, iwwert déi mer weider müssen diskutieren.

Ech wëll do eng Fro opwerfen, well et eng Fro ass, déi iwwert dat erasgeet, wat am Gesetz selwer steet. Dat ass déi Fro, déi mir als Justizministère als Amendement eragefouert haten, déi awer herno ewechgeholl gouf. Nämlech déi, ob een net bei eng Associatioun kéint goen - wéi Transparency, un déi hu mer effektiv geduecht -, amplaz dass een, wann een „whistleblower“ ass, sech un de Parquet adresséiert, un d'Policei adresséiert, ob ee sech net kéint un Transparency adresséieren an doduerch dann och souwuel an d'Poursuite-délaien erakomme wéi och dann effektiv dat Resultat hunn, dass Leit, déi Angscht hunn, un de Parquet ze goen, un d'Police ze goen, dann éischter géifen un esou eng ONG goen.

Mir haten dat virgeschloen. Opgrond vun enger éischter Diskussion an der Chamberskommission hu mer dat zrëckgezunn. Ech wëll einfach drop agoen, woufir mer et zrëckgezunn hunn. Wou mer... Pardon?

(Interruption)

Neen, woufir mer et zrëckgezunn hunn a woufir ech dat wëll hei thematiséieren: Well ech mengen, dass et keng Fro ass, déi eleng eng ass mat der Korruptioun, mä déi eng ass iwwert d'Gouvernance zu Lëtzebuerg.

Ech wëll och soen, woufir ech am Ufank bereet war, dat eranzebréngen als Minister: Well ech als Aarbechtsminister ganz vill Erfahrung gemaach hat, an hei sinn ech och an d'Aarbechtsrecht eragaangen, an et war och net um Justizminister, op eemol an d'Aarbechtsrecht ze interféieren. Do muss den Aarbechtsminister nach ëmmer kënnen seng Diskussiounen féieren, déi e wëllt féieren. Mä als Aarbechtsminister hunn ech oft gesinn, dass vill Leit - an ech schwätzen hei vu Mobbing -, dass vill Leit net bei de Parquet gaange sinn, emol net bei d'ITM gaange sinn, obwuel d'ITM eng Mobbingulafstell huet, well se Angscht hunn, bei eng offiziell staatlech Stell ze goen. Mä si sinn effektiv un d'Mobbing A.s.b.l. gaangen.

Sou, elo ass natierlech d'Fro, wann een... Dofir soen ech, do kann een net einfach - dofir hunn ech et zrëckgezunn -, et kann

een net einfach hei soen: „Elo huele mer Transparency als Ulafstell un.“ Da muss een op d'mannst am Aarbechtsrecht och froen: „Huele mer dann och Mobbing als Ulafstell un?“ Wann een een als Ulafstell unhëlt an et schreift een et an d'Gesetz an, dann ass et eppes anescht wéi elo, wou ee Sue gëtt.

Ech mengen, den Aarbechtsminister schafft mat „Mobbing asbl“ zesummen. De Justizminister wäert och an Zukunft mat „Transparency“ zesummeschaffen. Mä et ass eppes anescht, wann ee mat engem zesummeschafft, dee kee rechtlecht Statut huet, wéi wann een e rechtlecht Statut huet. Wann ee bis e rechtlecht Statut huet - an ech kommen op déi Diskussionen zrëck, e puer Leit hu scho genickt, déi mer elo hate mat den Abus sexuels -, wann een dann enger Ulafstell, déi net eng staatlech Stell ass, e rechtlecht Statut gëtt, da muss een och iwwer rechtlecht Flichte schwätzen.

Zum Beispill: Wat ass dann d'Roll vun deem? Elo ka „Mobbing“ mat de Leit schwätzen, ouni mussen direkt alles widerzeginn un d'ITM respektiv un de Parquet. Wann een eng Ulafstell gëtt, da kommen och all déi Froen do.

Ech wëll dat soen, dass, wann ech dat zrëckgezunn hunn als Justizminister, wat ech am Ufank virgeluecht hunn, dann ass dat net, well ech et Blödsinn fonnt hunn, mä well ech awer festgestallt hunn, dass dat eng Fro ass, déi net kann an deem Gesetz elo einfach Précédenté schafen, mä dass mer solle widerdiskutieren. Dofir wollt ech d'Tribün awer och benotzen, fir ze soen: „Mir müssen all déi dote Froe widerdiskutieren.“

Et ass elo net, well ech deen Amendement no Diskussioun mat der Kommission bereet war zrëckzezéien - iwwregens wäeren och wahrscheinlech beim Statsrot net duerchgaangen -, dass mer effektiv müssen iwwert déi dote Fro diskutieren. Dass se awer net esou einfach ass, wéi ee sech virstellt, well wann een engem e Rechtsstatut gëtt, da muss een duerch all déi Froen och duerchgoen, an da stellt sech heiansdo d'Fro, ob een dann net mat ze vill Guddem och erëm eng Kéier d'Leit ofhält. Et muss een einfach Vertraue schafen.

Dofir sinn ech frou, dass d'Chamberskommission, trotz Avis négatif vum Statsrot, awer dem Justizminister d'Méiglechkeet gëtt, Associatiounen an deem heiten Domän ze agreéieren, déi da kéinten eng Action publique maachen. Et ass net dat selwecht wéi dat, wat mer geschwat hunn, mä et ass awer eng Unerkennung, fir hei privatrechtlech Organisatiounen mat eranzebréngen. Dofir mengen ech, dass mer hei e ganz grouss Schrëtt no vir gemaach hunn.

Ech mengen awer och, dass déi aner Diskussion soll gefouert ginn. Mä déi soll net ëmmer sektoriell gefouert ginn a Korruptioun, a Mobbing, an „abus sexuels“ a wat och ëmmer. Mir müssen eng Kéier eis generell iwwert déi dote Froen ënnerhalen a vläicht e gesamte Kader maachen. An dat huet erkläert, dass ech séier dat zrëckgezunn hunn, well einfach d'Fro méi grouss sinn, wéi se elo einfach esou aus der Héft eraus schéissend ze beäntweren.

Dann e lescht Wuert, well ech schonn hei uewe stinn. Well ech iwwert déi Diskussion, iwwert déi Debatt iwwer „abus sexuels“ geschwat hunn, wëll ech soen, dass ech e Bréif haut ënnerschriwwen hunn, deen un de Chamberspräsident geet, deen ech gär op den Ordre du jour vun der nächster Commission juridique hätt, Madame Presidentin, well mer amgaang sinn, an der Commission juridique iwwer en neit Gesetz iwwert d'„abus sexuels“ ze schwätzen.

An där Commission juridique hate mer eng Diskussion, déi d'Madame Err ugeeregt hat iwwert d'Délais de prescription. Mir waren dann an engem Konsensus der Meinung, et soll een elo net drugoen am Kader vun deem...

(Interruption)

Jo, jo! Mä och duerch d'Parteie ware mer do, an dat huet och mat sech bruecht, dass ech der Madame Arendt op hir Fro dat och geäntwert hunn.

Elo hunn ech awer festgestallt, nodeem ech d'Zeitung gelies hunn - well ech hat

gemengt, et géif iwwert d'Gewalt am Allgemenge goen, net ëm d'juristesche Froen, soss wär ech hei gewiescht -, elo hunn ech awer festgestallt, dass hei, mengen ech, sämtlech Fraktiounen der Meinung sinn, et soll een un d'Délais de prescription an den „abus sexuels“ goen. Ech hätt also gär, Madame Presidentin, dass mer déi Fro diskutieren an der Commission juridique.

Ech mengen, dass et eng schwierig Fro ass. An ech mengen, dass all dat, wat ech - et ass net alles dobaussen esou iwwert de Radio gaangen - drageschriwwen hunn; ech hu relativ vill drageschriwwen, ech hu mer Méi ginn, vill dranzeschreiwen, well ech effektiv der Meinung sinn, dass et net esou einfach ass. Ech sinn allerdéngs der Meinung, dass, wann hei d'Fraktiounen an der Abus-sexuel-Debatt soen - an ech hu matkritt, dass sämtlech Fraktiounsprächerinnen a -sprächer dat gesot hunn -, da wëll ech net hei dostoen als deen, vun deem gesot gëtt: Hei de béise Justizminister ass dergéint, dass mer eng Debatt féieren! Ech hätt gär den nächste Mëttwoch déi doten Debatt an der Commission juridique. Well elo hu mer e Gesetz, wou mer kënnen eppes maachen.

Ech soen nach eng Kéier, et ass net einfach ze maachen. Dofir wär ech och frou, an ech adresséiere meng Demande dofir un d'Fraktiounspräsidenten, dass d'Fraktioun konkret soen, wat se mengen, wat ee kéint maachen. Well eng Augmentatioun vun den Délais de prescription werft och eng Partie verfassungsrechtlech Problemer op. Et ass also net einfach, fir dat esou ze maachen. An dofir wär ech frou, wa mer dann e Mëttwoch vun de Fraktiounen d'Virschléi hätten, dass mer kënnen an der Commission juridique, well mer ebe just iwwert d'Gesetz „abus sexuels“ diskutieren, eis och mat där doter Debatt ganz seriö auserneetzen, sine ira et studio, an da kucken, wa mer eppes änneren, dass mer et och esou änneren, dass et juristesche duerchféierbar ass.

Ech soenlech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Minister Biltgen. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6104 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6104 a été adopté par 60 voix.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour hu mer de Projet de loi 6149 iwwert d'Services de communications électroniques an de Projet de loi 6180 iwwert d'Gestioun vun de Radiowellen, déi zesummen an enger Diskussioun behandelt ginn. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger an Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projet-de-loien, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

6. 6149 - Projet de loi sur les réseaux et les services de communications électroniques

6180 - Projet de loi modifiant la loi du 30 mai 2005 portant organisation de la gestion des ondes radioélectriques

Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace

► **M. Lucien Thiel** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kollegen, wa mir um Enn vun dëser éischter Sitzungswoch vum neie Joer gläich zwee Gesetzesprojete mateneen duerchhuelen, da geschitt dat wuel net, well mer iergendwéi prësséiert wäeren, fir an de Weekend ze verschwannen, mä ganz einfach, well déi zwee Texter enk mateneen zesummenhängen. Si ginn nämlech allen zwee op déiselwecht europäesch Virlag zrëck, an zwar den drëtte Paquet Télécom. Si setzen allen zwee déiselwecht zwou EU-Direktive vum 25. November 2009 ëm, déi doraus entstane sinn, also aus deem Paquet Télécom, a si léise respektiv änneren d'Gesetz, d'Lëtzebuerger Gesetz vum 30. Mee 2005 of, déi sengerzäit och matenee vun deem Haus gestëmmt goufen.

Ëm wat geet et bei deem Télécomspak 3? Mä ganz einfach ëm d'Aart a Weis, wéi déi elektronesch Kommunikatiounsinstrumenter ze gëreiere sinn, ob et elo ëm den Informationsfluss via Kabel duerch de Buedem oder iwwert d'Radiowellen duerch d'Loft geet.

Här President, de Sujet misst eigentlech jiddweree vun eis, an dat net nëmmen heibannen, interesséieren, well mir benotzen alleguer déi elektronesch Kommunikatiounswееer, an dat ëmmer méi dacks an ëmmer méi intensiv. De Sujet geet eist Land awer och a besonneschem Mooss un, well mir säit bal engem Jorhonnert just aus där Radios- a Telekommunikatioun e grenzüwwerschreidend Geschäft gemaach hunn an et eis dofir och nach haut net egal ka sinn, wien dann elo decidéiert, iwwer wéi eng Frequenzen oder och Sate-litepositiounen mir verfüge kënnen.

Natierlech hunn eis zwee Projeten haut net d'Ambitioun, dee ganze Spektrum vun der Telekommunikatioun ze ëmäerbelen. Si limitéiere sech op bestëmmten Aspekter wéi de Fonctionnement vun de Réseauen, deenen hir Organisatioun an deenen hir Iwwerwaachung duerch d'Autoritéiten.

Eisen éischte Projet, mat deem déi zwou genannten Direktiven aus dem Joer 2009 an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn, transposéiert all déi Neierungen an deenen Direktiven, déi grosso modo dorop ausgeriicht sinn, iwwer eng Harmoniséierung vun de Regeln de Bannemaart an deem Beräich, déi Harmoniséierung virunzedriewen, wat dann net nëmmen deem Beräich seng technologesch an ekonomesch Entwécklung accélérieren, mä och dem Bierger als Verbraucher zeguttkomme soll.

Bei darselwechter Geleeënheet sollen dann och nach zwee Schéinheitsfeeler aus deenen alen Texter ewechgemaach ginn, déi bei der viregter Ëmsetzung viru fënnf Joer ënnerlaf waren, an déi mir dann och prompt vun der Bréisseler Kommission ugekräit kruten.

Et handelt sech dobäi ëm, éischstens, d'Trennung tëschent Réseausbedreiwer an Autorisatiounsinstanzen, zum Beispill Gemengen, déi souwuel en Netz gëreieren -



dat gëtt et jo - wéi och iwwert d'Autorisation fir d'Infrastruktur vun deem Netz decidéieren. Eng Trennung, déi am Gesetz vun 2005 net ausdrécklech virgesi war.

An zweetens d'aussergerichtlecht Bäileeë vu Sträitfäll, fir déi bei eis dem Barreau säi Meditationszentrum ugeruff ka ginn, deem awer an den Ae vu Bréissel ze ëmständlech an ze deier ass, well et sech jo awer hei ganz dacks ëm e Service public handelt an dee muss bëlleg zougänglech sinn.

Här President, mat deem drëtten Télécomspak, deem 2007 zu Bréissel ofgeseent an dunnt 2009 an déi zwou Direktive gegoss gouf, ginn déi viropgaangen Direktiven aus de Joren 2002 an 2006 amendéiert, an entspriechend muss mir elo eis Gesetzgebung, déi op deenen Direktive fousst a vun 2005 datéiert, nobesseren.

Bei der Virbereedung dofir hunn eis déi wiesentlech Zilsatzungen an Annerunge vun deenen Direktive weider kee Kappzerbriesch bereet. Ob et sech elo an der Telekommunikation ëm den Ausbau vum Bannemaart, d'Virundreiwe vun der Innovation oder d'Avantagë fir de Konsument an der Praxis handelt, wéi zum Beispill deen Advantage, fir nëmmen dat ze erwähnen, datt de Konsument, de Verbraucher bannent engem Dag säi Provider wiessele kann.

Do, wou d'Saach e bësse méi kriddlech ginn ass, war, wéi et drëm goug, wien dann elo zoustänneg fir d'Gestoun vun deem sougenannten „radioelektronesch Spektrum“ sollt sinn.

Datt d'Bréisseler Kommissioun och hei, wéi an esou vill aneren Dossieren, versicht huet, d'Decke méiglechst u sech ze zéien, ass weider net verwonnerlech. Mä dergéint huet sech natierlech eis Regierung gestäipt, déi net vun ongeféier un deem ale System festhale wollt, bei deem d'Veerdeelung vun de Frequenzen duerch d'UIT, d'Union Internationale des Télécommunications, direkt un déi eenzel State geschitt. A si huet sech och asoufern duerchgesat, datt et an dësem Punkt net zu enger Kompetenzverlagerung vum nationalen op den europäesche Plang kouw.

Hei gëllt bis op Weideres de Subsidiaritätsprinzip. Bréissel muss sech mat enger Koordinationsfonction zefridde ginn a ka just iwwert de Wee vu Gemeinschaftsregele fir eng schrëttweis Integratioun vun deenen nationale Mäert suergen.

Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, bei der Ëmsetzung vum drëtten Télécomspak ass nach e weidere Problem opgedaucht, dee fir Lëtzebuerg, méi genee fir e bestëmmte Lëtzeburger Acteur vu besonnescher Bedeitung ass. Dir wësst, datt ee vun de Pionéier vum Internet hei bei eis gebuer ass a sech entre-temps zu enger milliardeschwéierer Weltfirma entwéckelt huet. Dës Firma, si heescht Skype, huet d'Telefonéieren iwwert den Internet erfouert a si huet ëmmer méi e groussen Zoulaaf, well si Telefongespräicher uechtert d'ganz Welt souzese gratis erméiglecht. D'lescht Joer waren et bal 200 Milliarden Telefonsminuten, déi iwwer hire System gelaf sinn.

Datt déi Firma net grad beléift ass bei all deenen aneren Telefonsprovideren, dierft net verwonneren. Déi verdénge mat den Auslandsverbindungen nach ëmmer eng ganz schéi Staang Suen a sinn dofir drop aus, sech déi lästeg Konkurrenz méiglechst vum Hals ze halen, an zwar doduerch, datt si hir den Zougang zum Internet iwwer hir Réseauen net ze einfach maachen. Dofir gëtt dann och mat der Komplizitéit vun de lokalen Autoritéiten am Ausland emol déi eng oder déi aner Hürd opgeriicht, fir un deem Gratisbidder senger Attraktivitéit fir de Client e bësschen ze schnëppelen.

Dat verstéisst allerdéngs géint deen an der Direktiv ausdrécklech festgehalene Prinzip vun der Neutralitéit vun de Réseauen, deen eigentlech esou Behënnerunge verbitt an op deen dofir eisen Internetopérateur verständlecherweis och ëmmer erëm pocht.

Vu datt Skype zu deenen Acteuren aus dem elektronesch Kommunikatiounsberäich gehéiert - haut nenne mer dat op

Neilëtzebuergesch den ITC-Secteur -, engem Beräich, deem eisem Trésor d'lescht Joer ëm déi 370 Milliounen Euro abruucht huet, hu mir als Gaaschtland natierlech all Intérêt drun, datt déi Firma sech méiglechst ongehënnert entwéckele kann.

Mä elo muss een awer wëssen, datt eis Awierkungsméiglechkeeten op d'Gesetzgebungen an d'Praktik vun deenen anere Länner gläich null sinn a mir dem Ausland net virschreiw kënnen, wéi do déi Lëtzeburger Firma behandelt soll ginn. Mir kënnen héchstens mam gudden Beispill virgoen, an dat, andeems mir an der Praxis bei eis de Prinzip vun der Netzneutralitéit héichhalen. Eng Aufgab, där sech déi zoustänneg Instanz, an do mengen ech dann natierlech den ILR, ganz bestëmmt unhuele wëllt.

Här President, a wou mer schonns bei der Opsicht vun de Réseawe sinn, kënnen mir och gläich op deen zweete vun eise Gesetzesprojeten iwwergoen, well dee beschäftigt sech niewent enger Rei Detailfroen am Zesammenhang mat der Realisation vum drëtten Télécomspak virun allem mam Institut Luxembourgeois de Régulation, also dem ILR. Dësen zweete Projet fousst genee wéi deen éischten op deene genannten Direktiven, just datt hien, net wéi deen éischten, d'Ëmsetzungsgesetz vum 30. Mee 2005 kuerzerhand remplaceiert, mä et nëmmen an eenzelne Punkten ofzeännere brauch, fir kënnen den Direktive vun 2009 gerecht ze ginn.

Dobäi geet et, wéi gesot, an éischter Linn ëm den ILR a seng Kompetenz. An, wéi net aneschtens ze erwaarde war, kouw et hei alt erëm eng Kéier zum Clash mam Statsrot, dee seng - duerchaus berechtigt - Problemer mat dësem, wéi mat all deenen anere Kontrollorganen, huet, soulaang mir eis net dozou duerchgerongen hunn, deenen Iwwerwachungsautoritéiten, déi mir aus dem angelsächsesche Rechtsraum importéiert hunn, hiren eegene Statut an eiser Verfassung ze ginn.

Konkret goug et dës Kéier ëm d'Kompetenz, déi en Établissement public wéi den ILR huet, fir Ausféierungsbestëmmungen ze erloossen, déi am Prinzip dem Grand-Duc, dat heescht de Règlements grand-ducaux virbehalte sinn. De Statsrot huet nach eng Kéier mat Nodrock drop bestanen, datt dee Prinzip respektéiert gëtt, an hien huet och erreecht, datt d'Regierung hire Virschlag, fir dem ILR gewëssen Ausféierungsbefugnisse ze ginn, zrëckgezunn an et bei dem traditionelle Wee iwwert d'Règlements grand-ducaux be-looss huet.

Par contre hat de Statsrot näischt géint déi aner Dispositioun am neie Gesetz anzuwenden, déi der Bréisseler Fuerderung no méi Transparenz a Kompetenztrennung Rechnung dréit, andeems si d'Vefügungsgewalt iwwert d'Frequenzen, déi sengerzäit vun der deemoleger Postverwaltung bei deenen ILR eriwergewieselt war, kloer beim zoustännegem Minister usiedelt. Dat bréngt dann an der Praxis mat sech, datt de Service fréquences mat senger Spezialisten, well dat sinn alles Techniker, elo nach eng Kéier plënnere muss, an zwar aus dem ILR an de Ministère.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir hutt bestëmmt näischt dergéint, wann ech, besonnesch ëm dës Zäit, lech mat deene sëllegen technesch Kniewelegkeete verschounen, déi de Gros vun deenen zwee Ëmsetzungsgesetzer ausmaachen, och wa si, dat sief och nach eng Kéier gesot, net ouni Bedeitung fir eist Land, seng Bierger an och seng Wirtschaft sinn.

Ech wier dofir frou, wann et eis haut géif geléngen, déi zwou Direktive vun 2009 an hire wiesentleche Bestanddeeler ëmzesetzen, an dat am Délai, an deem virginnenden Délai, dee vu Bréissel op de 26. Mee 2011 fixéiert ginn ass. Wa mir et elo och nach fäerdeg brénge géifen, dee leschte Volet vun drëttem Paquet Télécom, dee sech mam Dateschutz a mat der Protektioun vun der Privatsphär befaasst an deen entre-temps vum Minister déposéiert ginn ass, och am Délai iwwert d'Bühn ze kréien, dann hätte mer alt erëm eng Kéier bewisen, datt ee kleng an trotzdem, oder grad dofir méi féx wéi déi aner si kann.

Dir wäert lech net wonneren, Kolleeginnen a Kolleegen, wann ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësen zwee Projekte

ginn. An da soen ech lech Merci fir Äert braavt Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Rapporteur. Ech hunn hei ageschriwwen den Här Berger, deen net drop hält, gesinn ech, fir d'Wuert ze ergräifen. Oder hält en drop?

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Neen. Den Här Rapporteur war esou extensiv an en huet alles gesot, duerfir ass deem näischt bäizefügen. Ech wëll just den Accord vu menger Fraktioun dann hei abrénge.

► **M. le Président.**- Den Här Adam, mengen ech, hält och net drop - ausser fir den Accord ze ginn.

► **Une voix.**- Deen ass och scho midd.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Den Här Hoffmann gëtt och den Accord.

► **Une voix.**- Jo. Très bien!

(Interruptions et hilarité)

► **M. le Président.**- Neen, den Här Hoffmann freet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Den Här Hoffmann gëtt den Accord net, an Dir wësst och, firwat. Dir wësst och, firwat. Well mer hei voll nach am Kader vun där Liberaliséierung sinn, déi mir oflehnen.

► **M. le Président.**- Gutt. Da kritt den zoustänneg Minister d'Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn awer méi kuerz wéi virun. Ech wollt éischstens dem Rapporteur Merci soen. En huet et jo esou fäerdeg bruecht, den Här Lucien Thiel, dass hei schonn alles gesot ass.

Ech wollt op eng Remarque agoen, déi e gesot huet, nämlech déi, dass mer effektiv probéiert hunn, elo an deem Joer zënter dass déi nei Regierung do ass, fir all deenen europäesche Projekte Rechnung ze droen an déi propper ëmzesetzen a Lëtzeburger Recht, fir ze kucken, dass mer effektiv hei Chancen notzen, ouni Gefore mat sech ze brénge.

Et ass richtig, dass eis nach ee Projet feelt. Dat ass dee vum Dateschutz. Dat ass e sensibelen Domän. Do hu mer eis och méi schwéiergedoen, well do ëmmer d'Fro ass: Wéi vill brauche mer Dateschutz fir d'Leit, a wéi vill brauchen d'Sécherheetsorganen, fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen? Mir haten do vill Diskussiounen tëschent Justizministère - also de Kommunikationsministère sëtzt an der Mëtt; ech schwätzen hei als Kommunikationsminister, net als Justizminister -, mä mam Justizministère, mam Intérieursministère. Mir hunn elo e Projet de loi op den Instanzwee ginn, deen och aviséiert ass vun der Dateschutzkommission, a wou mer mengen, dass mer och do en uerdentlechen Équilibre fannen, fir effektiv eis hei weiderzebewegen.

Et ass richtig, dass mer hei eng europäesch Liberaliséierung maachen. Ech sinn nach laang net mat alle Liberaliséierungen eens. Mir hate jo eng Kéier iwwert d'Postliberaliséierung Rieds, wou ech ëmmer aner Meinungen hat a bei deenen och bleiwen, och wann d'Chambre de Commerce dann dauernd mech vu fréier zitéiert; mä déi Zitater sinn nach haut richtig. Mä hei ass eng Liberaliséierung, déi eis vill bruecht huet an och an Zukunft vill bréngt.

De Mediëstanduert huet extrem vill Chancë mat deem heiten, wat mer maachen. An trotzdem soen ech, dass mer och an Zukunft mussen kucken, uerdentlechen Dateschutz ze hunn. Mir kënnen eis wirtschaftlech an all deenen neien Domänen nëmmen zu Lëtzebuerg bewegen, wa mer och effektiv d'Sécherheet vun der Privatsphär ofsécheren. An ech wëll drun erënneren, fir déi Leit, déi den Owend nach näischt vir hätten, am Géigesaz zu mir, dass eng ganz interessant Debatt ass, wou awer Äre Rapporteur drun deelhëlt, wou d'Dateschutzkommission den Owend eng Konferenz mécht am Virfeld vun dem Dateschutzdag vu muer.

Well zënter 30 Joer gëtt et Dateschutz. An Dateschutz ass eng grouss Erausforderung och an Zukunft. An ech wollt einfach d'Tribün benotzen, fir ze soen, dass

muer Dateschutzdag ass, dass den Owend eng Konferenz ass. Fir déi, déi nach Zäit hunn, dohinner ze goen, déi kënnen dohinner goen. Mir hunn den Här Dix aus Däitschland do, deen do Dateschutzbeoptragten ass. An ech mengen, et si ganz vill Froen, déi d'Bierger sech stellen, méi wéi dee Moment, wéi mer d'Dateschutzgesetz zu Lëtzebuerg fir d'Éischt gemaach hunn.

An ech mengen, dass et dofir och wichteg ass, dass mer eis och an Zukunft mat deene Froen ganz offensiv beschäftegen. An deem Sënn freeën ech mech op déi nächst Debatten, déi mer dann och iwwert Dateschutz hei wäerten hunn. Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert déi zwee Projet-de-loien. Fir d'Éischt de Projet de loi 6149.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6149 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Projet de loi 6149 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6149 a été adopté par 58 voix pour et 1 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6180.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6180 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6180 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6180 a été adopté par 58 voix pour et 1 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par Mme Claudia



Dall'Agnol), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)


Et ass esou décidéiert.

Déi Motioun vum honorabelen Här Adam wäerte mer d'nächst Woch behandelen. Also, d'nächst Woch, an där nächster

Sitzungswoch wäerte mer déi behandelen. Domadder si mer dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si virgesi fir den 8., 9. an 10. Februar.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.44 heures)



SÉANCE 22

MARDI,
8 FÉVRIER 2011

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

1. Communications

- M. le Président

2. Résolution relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil modifiant le règlement (CE) n°1234/2007 du Conseil en ce qui concerne les normes de commercialisation (COM (2010) 738 final) - Art. 168 (5) du Règlement de la Chambre

- M. le Président

- Vote sur la résolution (adoptée)

3. Ordre du jour

- M. le Président, M. André Hoffmann

4. Dépôt d'une motion par M. André Hoffmann

- M. André Hoffmann

5. Ordre du jour (suite)

- M. le Président, M. Lucien Lux

6. 6144 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État

- Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Simplification administrative: M. Félix Eischen

- Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Fernand Diederich, M. Gast Gibéryen

- Mme Octavie Modert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative

7. Ordre du jour (suite)

- M. le Président

8. 6220 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, faite à Faro, le 27 octobre 2005

- Rapport de la Commission de la Culture: Mme Martine Mergen

- Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Marc Angel, M. Fernand Kartheiser

- Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture

9. Ordre du jour (suite)

- M. le Président

10. Dépôt d'une motion par Mme Lydie Err

- Mme Lydie Err

11. 6060 - Projet de loi relative à la reconnaissance de jugements en matière pénale ayant prononcé des peines ou des mesures privatives de liberté aux fins de leur exécution dans un autre État membre de l'Union européenne

- Rapport de la Commission juridique: M. Gilles Roth

- Discussion générale: M. Xavier Bettel, M. Jacques-Yves Henckes, Mme Lydie Err, M. Xavier Bettel

- M. François Biltgen, Ministre de la Justice

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

12. 6220 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, faite à Faro, le 27 octobre 2005 (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

13. 6144 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État (suite)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

14. Motion de M. Claude Adam relative à l'implantation du nouvel «Agrarcenter» à Colmar-Berg

- Exposé: M. Claude Adam

- Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Jean Colombero, M. Lucien Lux, M. Jean-Louis Schiltz

- Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture, M. Claude Adam (parole après ministre)

- Vote sur la motion (rejetée)

15. Interpellation de M. Gast Gibéryen sur la problématique du nombre important de faillites au Luxembourg

- Exposé: M. Gast Gibéryen

- Débat: M. Jean-Louis Schiltz, M. André Bauler, M. Alex Bodry, M. Henri Kox (dépôt d'une motion)

- M. François Biltgen, Ministre de la Justice

- Motion 1: M. Alex Bodry, M. Gast Gibéryen, M. Lucien Thiel, M. Henri Kox, M. François Biltgen

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Mme Octavie Modert et M. Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau déposéiert.

2) Folgend Projete goufen um Greffe vun der Chamber déposéiert: de 25. Januar vum delegéierten Nohaltegkeetsminister de Projet de loi 6241, eng Direktiv iwwert d'Substanzen, déi d'Ozonschicht schiedegen; de Projet de loi 6242 iwwert d'Gaz à effet de serre fluorés; de 26. Januar vum Kommunikatiounsminister de Projet de loi 6243 iwwert d'Privatsphär an den elektronische Kommunikatiounen; a schliesslech den 1. Februar vum Aarbechtsminister de Projet de loi 6244, eng Direktiv, déi d'Gesetz iwwert d'Maschinen ofännert.

3) Vum 24. bis den 28. Januar war zu Stroosbuerg den éischten Deel vun der Sessioun 2011 vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe. D'Chamber war vertrueden duerch d'Madame Lydie Err, d'Madame Anne Brasseur, den Här Fernand Boden, den Här Norbert Haupt, den Här Jean Huss an den Här Marc Spautz.

Communications du Président - séance publique du 8 février 2011

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

6241 - Projet de loi portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, le 25.01.2011

6242 - Projet de loi portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, le 25.01.2011

6243 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias, le 26.01.2011

6244 - Projet de loi:

- portant transposition de la directive 2009/127/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 modifiant la directive 2006/42/CE en ce qui concerne les machines destinées à l'application des pesticides;

- modifiant la loi du 27 mai 2010 relative aux machines

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration, le 01.02.2011

3) À la première partie de la session de 2011 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe qui s'est déroulée à Strasbourg du 24 au 28 janvier 2011 ont participé la présidente de la délégation, Madame Lydie Err, ainsi que tous les autres membres de la délégation à savoir Madame Anne Brasseur, Messieurs Fernand Boden, Norbert Haupt, Jean Huss et Marc Spautz.

Ont figuré à l'ordre du jour, entre autres, les points suivants:

- Ouverture de la session par le doyen d'âge et discours du Président réélu de l'Assemblée